PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

D'Fräiwëlleger beim CGDIS leeschten eng wäertvoll Aarbecht fir d'Allgemengheet. D'Bénévolen sinn dobäi oft am Bereetschaftsdéngscht oder kasernéiert, fir am Noutfall direkt a schnell kënnen anzegräifen. D'Bénévolen kréien fir dësen Déngscht och eng kleng Entschiedegung an Héicht vun 1€/Stonn fir eng Bereetschaft a vun 10€/Stonn wann si an der Kasär stationnéiert sinn. Et ginn awer och Fräiwëlleger beim CGDIS, déi aus Léift zum Déngscht während hierer normaler Bereetschaft an d'Kasär wëlle goen an op déi 10€ Kasäreprimm verzichten.

Wéi mir zougedroe gouf, gouf et elo bei der Organisatioun vum Volontariatskorps eng Reegelung, déi beseet, dass d'Bénévolen an den CIS musse goen, bei deem si am nooste wunnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch bestätegen, dass eng entspriechend Reegel fir déi Fräiwëlleg beim CGDIS ageofuert gouf? Falls jo, gouf dës iergendwou schréftlech festgehalen?

2. Falls dës Reegel existéiert, wat ass de Mehrwäert vun dëser Moossnahm, wëssend, dass souwiesou eng schnell Agréffstrupp zu all Zäitpunkt an der Kasär prett ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député